LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 7 février 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
07 FEV. 2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°1689 du 10 janvier 2020 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant le « Greenlaning », tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

Réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et du Ministre des Classes Moyennes à la question parlementaire n° 1689 du 10 janvier 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant le « Greenlaning »

Mat der parlamentarescher Fro n° 1689 vum 10 Januar 2020, freet den honorabele Deputéierte Här Sven Clement Informatiounen iwwert d'Méiglechkeete vun jonke Betriber bei Ausschreiwunge matzemaachen.

D'Reform vum Kadergesetz iwwert ëffentlech Ausschreiwunge, dat den 8 Abrëll 2018 a Kraaft getrueden ass, huet eng Rei Moossname gesetzlech verankert, déi derzou bäidroe solle, d'Bedeelegung vu méi klengen Betriber un den ëffentlechen Ausschreiwunge ze vereinfachen.

Esou ënnerstëtzt d'Gesetzgebung zum Beispill datt d'Projeten a méi kleng Lousen ënnerdeelt gi, esou datt méi Betriber eng Méiglechkeet kréien, sech un gréisseren Projeten ze bedeelegen.

Et muss een dobäi soen, datt et och scho virun der Gesetzreform hei am Land eng gängeg Praxis war, am Kontext vun Bauprojeten, d'Aarbechten éischter no Handwierk an Lousen auszeschreiwen. Den ëffentlechen Opdraggeber gëtt sech doduerch och méi Chancen, datt esou méi Betriber matmaachen. Et ass jo och am Sënn vun den ëffentleche Finanzen wann d ' Konkurrenz méi grouss ass.

Desweidere reegelt d'Gesetzgebung och d'Héicht vum Ëmsaz, dee maximal vum ëffentlechen Opdraggeber als Selektiounscritère am Virfeld ka verlaangt ginn, fir dat de gefuerderten Ëmsaz net soll disproportionéiert héich sinn. Jonk Betriber, déi nach net laang genuch bestinn, hunn dem Gesetz no aner Méiglechkeeten fir der Beweislaascht nozekommen.

Jonk an méi kleng Betriber kënne sech och zesummeschléissen, fir sech un gréisser Opträg ze bedeelegen. D'Gesetzgebung iwwert d'ëffentlech Ausschreiwung erlaabt dëst ausdrécklech, ouni eng spezifesch Form virzeschreiwen. E Betrib kann deemno, zum Beispill, iwwert den Wee vun enger société momentanée eng gemeinsam Offer erareechen, oder sech als Sous-traitant vun engem Soumissionnaire bedeelegen.

Allgemeng gi d'Betriber iwwert den staatlechen "Portail des Marchés publics" gewuer, wat fir eng Ausschreiwungen grad lafen.

Et ass en "*single window of information*" soudass d'Betriber net op e puer Platzen musse siche goen. De Portail des Marchés publics bitt och Informatiounssäiten iwwert di verschidde Prozeduren, Delaie, a soss wichteg Reegelen un. En Helpdesk steet zur Verfügung fir déi technesch Froen, déi sech am Kader vun der elektronescher Remise vun den Offere stellen, ze klären. Spezifesch Formatioune ginn organiséiert. De Service administrativ vun der staatlecher Soumissiounskommissioun steet fir all Informatioun iwwert d'Gesetzgebung zur Verfügung. Net ze vergiessen ass d'Roll vun de Patronatsorganisatiounen, déi ënnerstëtzend Formatiounen ubidden an zousätzlech vun den Betriber kënnen em Hëllef gefrot ginn.